# Rapport Referees' Commission - 07.04.2026

Present : Geib, Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Welter, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Keiffer F., Volz

***1) Adoptioun vum Rapport vum 03.03.2026***

***2) RefCom***

*De Roger Frieseisen huet d'RefCom informéiert, dass hien elo seng Pensioun vun der RefCom hëlt. Mir soen dem Roger villmools Merci fir seng vill Joren am Arbitrage a fir déi gutt Ënnerstëtzung an de lëschte Joren.*

***3) Beachhandball Championnat 27. Juni 2026***

*Dëst Joer gëtt de 27. Juni um Beachhandball vum HC Standard och e Championnat Elite Beach Handball gespillt. Wëll dëst een offiziellt Championnat, tëschent den AXA-League Veräiner ass, kréien d'Arbitter, déi den Owend Matcher leeden, eng kuerz Online-Formatioun virum Turnéier. Den Datum an d'Auerzäit ginn den Arbitter nach matgedeelt. D'RefCom wier frou wann och vill erfueren Arbitter sech melle géifen.*

***4) Internationale Volet***

- *Iwwer d'Ouschtere ware 7 Arbitter/Delegué um Turnéier zu Prag. Déi 3 Koppelen hunn zesumme 64 Matcher gepaff, dovunner eng Halleffinall, eng 3./4. Plaz an eng Finall. Aner Handballnationen ze päifen war eng wäertvoll Erfarung.*
- *Austausch mat Éisträich: 2 éisträichesch Arbitter waren de WE vum 13. bis 16. Mäerz 2026 zu Lëtzebuerg an hunn 3 Matcher geleet. Och konnten si eng Visite vum Lëtzebuerger Land maachen. D'RefCom seet dem Georges Frieden Merci fir seng Ënnerstëtzung.*

***5) Besetzung***

*D'Besetzungskommissioun deelt mat dass si extrem Schwieregkeeten hunn, de Weekend vum 2./3. Mee all Match mat Arbitter ze besetzen.*

***6) Prix Patrick Simonelli***

*D'RefCom huet vum CA den Accord krut e Prix Patrick Simonelli ze kreéieren. D'RefCom huet dës Krittäre festgeluecht:*

- *Fir ee laangjäregt Engagement am Lëtzebuerger Arbitrage an Ënnerstëtzung déi den Arbitrage zu Lëtzebuerg férdert*
- *Fir eng extra Fair-Play Aktioun, vun engem Spiller, Offiziellen oder souguer Zuschauer. Esou Aktioune sollen der RefCom (refcom@flh.lu) matgedeelt ginn. E Formular fir esou Aktiounen ze rapportéieren ass an der Maach.*

***7) Afrostellung vun der Integritéit vun engem Arbitter***

*De 26. Januar huet d'RefCom, no engem Match, eng Email vun engem Spiller krut, de mat den Decisioune vum Arbitter net averstane war. Normalerweis reagéiert d'RefCom net op esou Maile, mee well d'Integritéit vum Arbitter a Fro gestallt gi war, huet d'RefCom decidéiert dem Spiller den 13. Februar ze äntwerten. Dem Spiller säi Veräi krut eng Kopie. An der Äntwert huet d'RefCom ganz kloer eng Entschëllegung vum Spiller gefrot. Bis haut ass weder bei der FLH, nach bei der RefCom oder dem Arbitter esou eng Entschëllegung ukomm. D'RefCom gëtt dowéinst d'Affär un den CA weider.*

***Nächst RefCom: Dënschden den 19. Mee 2026 um 18h30***
***zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 2)***